



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 22 juillet 2021

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

Objet: Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes et de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure à la question parlementaire urgente n°4685 posée le 20 juillet 2021 par les honorables Députés Messieurs Sven CLEMENT et Marc GOERGEN concernant les activités de l'entreprise NSO.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

A handwritten signature in black ink, appearing to be 'J. H. L.', written over a faint horizontal line.

Ministre d'État

Äntwert vun dem Här Premierminister, Staatsminister, vun dem Här Aussen- an Europaminister a vun dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet op déi dringend parlamentaresch Fro n°4685 vum 20. Juli 2021 vun den honorabelen Hären Deputéierten Sven CLEMENT a Marc GOERGEN iwwert d'Aktivitéiten vun der Firma NSO

Den Artikel 3 vum ofgeännerte Geheimdéngschtgesetz vum 5. Juli 2016, deem d'Missioun vum Geheimdéngscht (SRE) virgesäit, schléisst ausdrécklech "toute surveillance politique interne" duerch den SRE aus.

Betreffend den SRE befanne sech d'Moyene déi däerfen agesat ginn an d'Prozeduren déi mussen agehale ginn an déi der Kontroll vun der parlamentarescher Geheimdéngscht-Kontrollkommissioun ënnerleien an den Artikelen 5-8 vum uewe genannte Gesetz vum 5. Juli 2016.

Dës Moyene ginn agesat am Kader vun de Missiounen vum SRE, also am Fall vun enger potentieller Bedreeung duerch Spionage, gewaltbereeten Extremismus, Terrorismus, Verbreedung vu Massevernichtungswaffen oder verteidegungsrelevante Gidder zesumme mat den entspriechend Technologien an organiséiert Kriminalitéit oder Cyber-Bedreeung souwäit dës mat deene virgenannt Aktivitéiten zesummenhänken.

Betreffend d'Police Grand-Ducale befanne sech d'Moyenen, déi däerfen bei de judiciairen Enquêtes an Instructiounen agesat ginn, an d'Prozeduren, déi dobäi mussen agehale ginn, am Code de procédure pénale beschriwwen.

Aus sécherheetsrelevanten an ermëttlungstechnesche Grënn kënne keng Détailler iwwert technesch Equipementer publizéiert ginn.

D'Regierung huet keng Informatiounen vun engem Asaz vun enger Trojaner-Software duerch auslännesch staatlech Akteuren zu Lëtzebuerg.